n° 3091

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:03, 04/11/2020

Lëtzebuerg, den 04/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Déi néi Covid-Mesuren déi säit dem 30.10 a Kraaft sinn, schreiwe vir dass bei Rassemblementer vun tëscht 10 an 100 Persounen, dës Persoune souwuel eng Mask mussen unhunn an mindestens och 2 Meter Ofstand hale mussen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. A Schoul- a Lycéeskantinnen, mussen d'Schüler keng Masken unhunn, wann si um Dësch setzen. An ville Kantinnen ass et awer schwéier fir 2 Meter Ofstand ze halen.

   Wat fir Recommandatiounen huet de Minister un d'Schoulen an un d'Lycéeën, zum Thema Kantinnen eraus ginn?

   Sinn an den Kantinne genuch Sëtzplazen, fir dass all d'Schüler sech kënnen a Gruppe vu maximal 4 opdeelen a gläichzäiteg de Sécherheetsofstand vun 2 Meter respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 8 décembre 2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 13:40, 08/12/2020

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 3091 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3091 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet zanter dem Ufank vun der Kris kloer Consignen erausginn, wat d'Schoulrestauratioun ugeet, a se reegelméisseg un d'Reegelen, déi och fir d'Restauranten a Kraaft waren, ugepasst. D'Kantinne sinn deemno esou opgestallt, datt esouwuel bei der Distributioun vum Iessen ewéi och beim Mëttegiessen un den Dëscher déi néideg Distanzen agehale kënne ginn.

An der Majoritéit vun de Lycéeën organiséiert Restopolis, de Service vun der Restauratioun vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, d'Schoulrestauratioun an huet an all senge Restauratiounsstrukturen zanter der Rentrée 2020/21 follgend streng Sécherheetsmoossnamen applizéiert:

- D'Droe vun enger Mask ass obligatoresch bei all Zirkulatioun an dem Restaurant.
- Spendere fir Desinfektiounsmëttel stinn an der Entrée vun all Restaurant an all Cafeteria.
- Op all Dësch stinn Desinfektiounsspray a Rouleaue mat Kichepabeier.
- Markéierunge fir d'Fluxen ze organiséiren.
- Net méi wéi 10 Gäscht un engem Dësch (Maximum vu 4 Gäscht pro Dësch zanter dem 12.11).
- Schutzwänn an der Verdeelung vun dem Iessen an an de Keesen.
- System "Preparéiert Plateauen": d'Zuel vun de preparéierte Plateauen op de Weenercher entsprécht der Unzuel vu fräie Plazen an dem Schoul- oder Unirestaurant.
- Desinfektioun vun den Dëscher, Still a Weenercher no all Service.
- Opmaache vun de Glasfläschen duerch d'Personal.
- Kee fräie Service, ausser fir d'Platen, déi individuell agepak sinn.
- D'Buffete sinn zou.
- D'Brout, d'Zopp an d'Gewierzer gi vun dem Restopolis-Personal zerwéiert.
- D'Distributeure vum Typ "Fructomat" oder "Refill Station" gi virun all Service desinfizéiert.
- Keng Waasserkréi op den Dëscher.
- D'Distributeure, déi vu Restopolis geréiert ginn, gi virun an no all Paus desinfizéiert.
- D'Mikrowelle gi virun an no all Paus desinfizéiert.

Et sief drun erënnert, datt all d'Schüler den Dag virdrun eng Frupstut online bei Restopolis bestelle kënnen. Verschidde Schoule stellen och Säll zur Verfügung an deenen, zousätzlech zu de Schoulrestauranten, d'Schüler iesse kënnen. Dës Moossnam erlaabt, d'Unzuel vun de Gäscht an de Kantinne méi niddereg ze halen an de Maximum vu 4 Gäscht pro Dësch, deen zanter dem 12.11. an de Schoulrestaurante gëllt, ze respektéieren.

Am Beräich vun de Bildungs- an Betreiungsstrukture fir Schoulkanner sinn d'Consignen un d'Träger verschéckt ginn. Och dës gi reegelméisseg aktualiséiert. Sou ass, wei an de Restauranten, d'Unzuel vun de Persoune pro Dësch op 4 limitéiert. Soubal d'Kanner an d'Educateuren am Restaurant zirkuléieren, mussen si d'Mask undoen. Eng minimal Distanz vun 1,5 Meter tëschent den Dëscher ass ze respektéieren. D'Iesse kann um Buffet presentéiert ginn, mee d'Kanner dierfen sech awer net selwer zerwéieren.

D'Hännwäschen ass net just a Covid-Zäite virum an nom Iesse selbstverständlech, genau wei d'Anhale vun den Hygiènesnormen am Beräich vum Iessen.

Et ass ze betounen, datt de Ministère den Träger och rappeléiert huet, datt de pedagogeschen Aspekt vum lessen net ze vernoléissegen ass. Och a Covid-Zäiten ass d'Ubidde vun engem equilibréierten an un d'Besoine vun de Kanner ugepassten Iessen onemgänglech.

An den Restaurante vun den Bildungs- a Betreiungsstrukture fir Schoulkanner iessen d'Kanner meeschtens net all mateneen. Opgrond vun de Consignen ass et och méiglech, temporaire op zousätzlech Raim zeréckzegräifen, ënnert der Konditioun, datt dës Raim de legalen Normen entspriechen.